N° 8123
Entrée le 04.07.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 04.07.2023

Lëtzebuerg, de 4. Juli 2023

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturministesch an den Här Bauteminister weiderzeleeden:

*„D'Aarbechte ronderëm dat fréiert Trinitarierklouschter zu Veianen sinn amgaang. Hei entsteet jo eng nei Jugendherberg.*

*An deem Kader wollt ech der Madamm Kulturministesch an dem Här Bauteminister folgend Froe stellen:*

1. *Wat fir eng Aarbechte goufe bis ewell scho geleescht?*
2. *Gouf et technesch Problemer, déi zu eventuelle Retarden an der Ausféierung vun de Pläng gefouert hätten?*
3. *Wat fir Deeler vum Gebai sinn an Ofsprooch mat dem Institut national pour le patrimoine architectural (INPA) restauréiert ginn?*
4. *Wat ass dee warscheinlechen Datum op deem mat der Reouverture vun de Gebailechkeete vum fréiere Klouschter gerechent ka ginn?*
5. *Wéi vill Zëmmere wäert déi nei Jugendherberg hunn?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten